

Projet de loi N°6599 modifiant la loi modifiée du 16 juillet 1984 relative aux laboratoires d'analyses médicales

Här President,
Léif Kolleginnen a Kollegen,

Merci der Rapportrice fir hiren exzellenten schrëftlechen a mëndlechen Rapport.

Eng kleng Ännerung, eigentlech en Oubli vum viirechten Gesondheitsminister!
Mee - Klein, aber oho fir den Laboratoire's Secteur vum Spidolswiesen!

Schon am Regierungsprogramm vun 2009 war festgehaal, datt d'Regierung giff d'Collaboratioun tëscht Spieler am Labos-Beräich ënnerstëtzen wéinst der Effizienz an de Käschten.

D'CSV begréisst ausdrécklech esou Synergien am Spidolssecteur.

Ech hunn awer e puer Remarken ze maachen:

- 1. bedauert d'CSV**, datt an dësem Dossier den Avis vun der Fédératioun vun de Privatlabos'en, der FLAM, nët un d'Kommissiouns -Memberen virugereecht gouf.
- 2. Zur aktueller Situatioun**
 - Et gëtt et elo schon eng Collaboratioun tëscht Nationalen Gesondheitslabo (LNS) a Spideeler fir alles waat Biopsien ugeet.
Dat war an der Vergaangenheet leider nët ëmmer esou problemlos.
Mir sinn bei der "Anapath" och weiderhin op den LNS ugewisen. D'CSV huet sech bis dato géint dës "Monopole de fait" ausgeschwat, well d'Privatlaboen op méi performant Kriibsanalysen am Ausland zréckgreifen.
 - Weider besteet och schon haut um Terrain eng Zesummenaarbecht vun Spideeler mat privaten Laboen a verschiddenen Exzellenzdomänen.
- 3. Zum initialen Gesetzestext**
 - An déer war et fir d'Spideeler virgesinn sech exklusiv mam LNS z'associéieren. Nët nëmmen de Staatsroot, mee och d'Chambre de Commerce, grad wéi d'FLAM, hu sech awer vehement dogéint gewiert. – Berechtigterweis- well d'Regierung domat géint de constitutionnellen Prinzip vun der Gleichbehandlung giff verstoussen par rapport zu aaneren Laboratoiren (Art. 10bis).
Am Beräich vun den sougenanten Routinenanalysen, déi den LNS och ausféiert, steet en nämlech an direkter Konkurrenz mat hinnen.

Hei wier den LNS also **ganz bewusst befierdeelegt** ginn an hätt quasi eng Monopolstellung kritt.

- Et stung och am Text, dass den LNS dëst giff maachen am Kader vun séngen Missiounen am Spidolsberäich.
Or, ass guer keng esou Missioun gesetzlech virgesinn! (Art 2).
Dem LNS seng Missiounen, sinn iwregens nët ëmmer esou kloer...

4. D'Plusvalue vum neien Text:

- Elo kommen ALL Labos'ën déi Analyses médicales ubidden, op privat oder LNS, a Froo fir Synergien mat den Spidolslaboen, di ambulant wéi di stationär.
ALL heescht an deem Fall och auslännesch Laboen. **D'CSV weist hei op de Volet vum Dateschutz hin**, deen ee besonnesch muss am Aa behaalen, wann Analysen am Ausland géife gemaach gin.

D'CSV fënnt dës Ouverture awer richteg. D'Ziel muss sinn déi beschtméiglechste Qualitéit am Sënn vum Patient ze ereechen.

- Eng gesond Konkurrenz soll den neisten Standard bei den Analysen an e schnellen a käschteneffizienten Service garantéieren.
 - D'Etude vun TEMPLAN iwert d'Spidolslaboen an den LNS weist, datt de mëttleren Käschtenpunkt vun enger Analyse zu Lëtzebuerg bei ronn 4€ läit, par rapport zu 1,5€ an Däitschland. Bei den **Spidolslaboen** maachen di 212 Salariéën ronn 58% vun de Fräiën aus géint, schätzungsweis, 30-40% bei den privaten. Dat schwézt fir sech!
 - GESOND Konkurrenz bedingt, datt den LNS, vu säin neien Statut vun "Établissement public", muss, - ech zitéieren dee fréieren Gesondheetsminister – "*déi selwecht Qualitéitskonditiounen erfëllen wéi déi Beschte ënnert de private Laboen. Dat ass eng Erausforderung an déi muss de Staatslabo unhuelen.*" Enn vum Zitat
 - De Secteur vun de **privaten Laboen** huet nët geschlof a sech enorm weiderentwéckelt. Beonrouegend ass allerdéngs wat mer kierzlech an de Medien liesen! Hier Politik gëtt méi agressiv, de Krich ëm d'Geld ass offen ausgebrach - hoffentlech nët eng Profitgier op Käschten vun der Allgemengheet!

Hei ass d'Politik nët ganz onschëlleg drun! An domat meng

5. Remarque

- Éngerseits huet di bis elo protektionnistesch Politik vum Gesondheetsminister par rapport zum Nationalen Gesondheetslabo ausgedingt! Si ass carrément nët méi émsetzbar.

D'Madame Gesondheetsminister huet et awer mat an der Hand, iwert d'LNS-Gesetz, d'Akzenter fir seng zukünfteg Weiderentwécklung am Sënn vun der Santé publique ze sëtzen.

- Aanerseits, hunn, esouwuel d'Gesondheetskees, wéi den Gesondheets- a Sécurité sociale's Minister joerelaang keng propper Politik am Beräich vum Labossecteur gemaach! En Zickzackkurs tèschent Budgetisatioun an Bezuelung op Acte, ouni Konzept!

Zum Schluss eng Rei Froen, déi mir als CSV gären beäntwert hätten:

- 1) Wéi eng Visiounen huet d'Regierung fir d'Zesummenspill tèschent privaten an ëffentlechen Laboen ze regelen?
- 2) Ass de Projet Neibau fir d'Spidolslaboen zu Diddeleng niewt dem LNS , deen sécherlech eng Plus-value fir Diddeleng wier, a Fro gestallt? Eent vun eisen groussen Spideeler soll wëlles hunn séng Labosaktivitéiten carrément "outzesourcen" an e privaten Labo...
- 3) Wa neen, weem gehéiren dës Terräien op Koibestrachen? Dem Staat, der Gemeng oder Privatleit? A wéi engem Zäitraum soll de Bau realiséiert ginn?
- 4) Sinn schon Dispositiounen geholl ginn fir d'Personal aus den Spidolslaboen op eng sozial verträglech Aart a Weis ëmzeverdeelen, also ouni Entloossungen wéi am Ausland?
- 5) Wat den LNS ubelaangt:
Gëtt et schon eng Qualitéitssécherung, déi méi weit geet wéi eng Zertifizéierung? Wat KONKRET ass an den pluriannuellen Konventiounen mam Staat festgehal? Sinn di néideg Suen do? Wéi ass d'Zäitschinn fir di ugekënnegt Kompetenzzentren ze schaafe? Ënner anerem ass d'Afferambulanz, wou oft Fraen betraff sinn, eng Prioritéit fir d'CSV!

Här President, et bleiwen also nach vill Inconnuën, wéi et soll virugoen! Mam Fong vun dësem Projet ass d'CSV awer averstaan, well en bréngt eng verbessert Offer fir de Patient!